Luxembourg, le 24 décembre 2007

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Monsieur le Président
de la Chambre des Députés

Luxembourg

Personne en charge du dossier:
Nicole Sontag-Hirsch
☎ 2 47 - 82952

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
27 DEC. 2007

Réf.: 2007 - 2008 / 2084 - 03

**Objet:** Réponse à la question parlementaire n° 2084 du 31 octobre 2007
de Monsieur le Député Robert Mehlen.

Monsieur le Président,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe **la réponse de Madame la Secrétaire d'Etat à la Culture, à l'Enseignement Supérieur et à la Recherche** à la question parlementaire sous objet, concernant la présentation de l'œuvre d'art « CLOACA » au Musée d'Art Moderne Grand-Duc Jean.

Veuillez agréer, Monsieur le Président, l'assurance de ma haute considération.

La Secrétaire d'Etat aux Relations
avec le Parlement

Octavie Modert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture,
de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

*Luxembourg, 20 décembre 2007*

***Madame la Secrétaire d'Etat aux Relations avec le Parlement***
***43 boulevard F.D. Roosevelt***
***L-2450 L u x e m b o u r g***

*Concerne: Question parlementaire No 2084 du 31 octobre 2007*
*de Monsieur le Député Roby Mehlen*

*Madame la Secrétaire d'Etat,*

*J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe ma réponse à la question parlementaire No 2084 du 31 octobre 2007 de Monsieur le Député Roby Mehlen au sujet de la présentation de l'oeuvre d'art "CLOACA".*

*Veuillez agréer, Madame la Secrétaire d'Etat, l'expression de mes sentiments distingués.*

*Octavie Modert*
*Secrétaire d'Etat à la Culture,*
*à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*

Adresse postale: L-2912 Luxembourg 20 Montée de la Pétrusse
Téléphone: +352 2478 6602 Téléfax: +352 26 29 60 38

139 000020 20040525 FR

**Äntwert op d'parlamentaresch Ufro n° 2084**
**vum H. Deputéierten Roby Mehlen**

Op d'Fro vum Här Deputéierte Robert Mehlen iwwer d'Ausstellung CLOACA kann ech no Récksprooch mat de Responsable vum Casino a vum Mudam dës Explikatioune ginn:

Zënter dem éischte Kulturjoer 1995 an och elo während dem zweete Kulturjoer 2007 si ganz vill Ustrengunge gemaach ginn, fir grad déi verschidden Aspekter vun der Creatioun vun haut eise Matbierger méi no ze bréngen. Déi verschidde Muséeën, déi och op der internationaler Zeen ganz staark appreciéiert ginn an sech a knapp enger Dose Joren immens gutt do etabléiere konnten, gi sech Méi, fir eng oppen, virwëtzeg an virurteelsfräi Approche zur Konscht vun haut ze hunn an ze vermëttelen. All zäitgenëssesch Konscht erfuerdert och, datt een sech konsequent a rekurrent mat hir ausernaner setzt, well de Grondgedanken an d'Konzept vum Kënschtler ëmmer eng wichteg an ausschlaggebend Roll spillt.

Ech wëll ënnersträichen, datt an enger Demokratie d'Politik, eng Regierung, e Minister, e Buergermeeschter, sech ni an déi artistesch Programmatioun vun de Kulturinstitutiounen amëscht. Dofir kommen all Elementer iwwert déi viséiert Ausstellung a besonnesch iwwert hir Organisatioun an Interpretatioun vun den zoustännegen Experten.

Trotzdeem ginn ech gär Äntwerten op dem Här Deputéieren séng Froen, well et erlabt, eng Reih Punkten ze klären, déi manifest falsch verstane gi sin. Gläichzäiteg ergët sech domat d'Geleeënheet, op e puer Virurteeler hinnzeweisen, déi d'zäitgenëssesch Konscht ëmmer erëm iwwer sech ergoe loosse muss.

**1** De Wim Delvoye ass en international unerkannten Artist, deen och hei am Land scho längst keen Onbekannte méi ass. Hien ass an der Sammlung vum Nationale Konschthistoresche Musée um Fëschmaart ganz gutt vertrueden, och an der Sammlung vun der Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte, a war schonn dacks an Ausstellungen am Casino derbäi. Ausserdeem huet seng Kapell bei der Ouverture vum Mudam fir weltwäit Unerkennung fir Lëtzebuerg gesuergt.

Als e ganz speziellen Aspekt vun senger villschichteger Konschtpraxis, déi an alle grousse Muséessammlungen an der ganzer Welt vertrueden ass, zielen seng Cloaca-Maschinnen.

Hien huet déi éischt Cloaca-Maschinn am Joer 2000 am Musée vun Antwerpen gewisen, am Museum Kunstpalast zu Düsseldorf an an der Kunsthalle vu Wien.

Déi zweet Maschinn, déi hien entwéckelt huet, ass zu Zürich, Lyon, New York an Toronto gewise ginn.

Déi drëtt am Musée zu Bordeaux an am Musée zu Prato an der Toscana, déi véiert zu Beijing a China an zu Bréissel an enger Ausstellung iwwert 100 Joer belsch Konscht, an dei fënneft an Taiwan. Wéi Dir gesitt, hunn déi Cloaca-Machinne schonn e gewëssene Wee hannerun sech, mee si si bis elo ëmmer nëmmen eenzel gewise ginn.

De Casino Lëtzebuerg huet also viru méi ewéi zwee Joer - well fir esou ee Projet op d'Been ze setze brauch een 2 bis 3 Joer - d'Initiative geholl, all dës Maschinnen zesummen ze weisen, mat all deem, wat am Artist senger Optik derzou gehéiert.

De Projet ass duerch säin internationale Bekanntheetsgrad a seng Unerkennung als eng vun de groussen Ausstellunge vum Kulturjoer akzeptéiert ginn an och finanziell vu Lëtzebuerg 2007 ënnerstëtzt ginn.

Selbstverständlech kann een dat schéin oder net schéi fannen, et kann an dierf, jo et muss ee mat kriteschem Geescht un d'Expositioun erugoen, oder se just mat Kuriositéit ukucken. Mee et ass einfach emol interessant festzestellen, datt mir hei zu Lëtzebuerg dës Kéier, als alleréischt d'Geleeënheet hunn, déi zimlech aussergewéinlech Cloaca-Entreprise als e Ganzt kennenzeléieren an sech domadder ausenaner ze setzen, an esou eppes gesinn ze kréien, wat anerer vu wäit hier kucke kommen a wat zu deene fantasteschste Konscht-Abenteuer vun haut zielt.

Et ass och einfach eng Tatsaach, datt eist Land mat esou engem Projet an der europäescher Konschtwelt - an esouguer doriwwer eraus - eng ganz Rei Komplimenter gemaach kritt huet: et brauch een nëmmen déi Presseärtikelen ze liesen, déi doriwwer geschriwwe goufen an auslänneschen Zeitungen, déi Télés-Reportagen ze kucken iwwert d'Ausstellung, op de Lëtzebuerger, mee och op de belschen, däitschen, schwäizer bis hin zu australesche Fernsehprogrammer - déi hunn all extra eng Kamera-Equipe op Lëtzebuerg geschéckt. Och ARTE huet d'Ausstellung am Casino Forum d'Art Contemporain gefilmt an op sengem Kanal bruecht, wat jo bekanntlecherweis eng ganz schéi Referenz ass.

Iwwert d'Bedeitung vun der Cloaca-Serie als Konschtwierker ginn et verschidde Saachen ze soen.

An engem artistesche Sënn kann een dës Maschinnen als Vertrieder vun engem zweckméissegen, schmucklose Stil gesinn, deen déi zounehmend Zweckméissegkeet a Medikaliséierung vun eisem Ëmfeld beliicht. Hannert der schéiner Fassade vun eisem Liewe sti Fabrécken, Lagerhaiser, Spideeler a Chimieslaboratoiren, déi net ganz glamuréis ausgesinn – och wann eise

Liewensniveau ouni si net gehale kënnt ginn. An engem soziale Sënn kann een d'Cloaca als Metapher vun der industrieller Gesellschaft verstoen, déi sech oft duerch Iwwerproduktioun an Iwwerconsommatioun vun onwichtegen Artikelen, an och duerch Verschwendung kennzeechent. Datt d'Metapher vum "Schäiss" eng relativ réi, an och eng taboubriechend ass, setzt beim Publikum och e gewëssene Sënn fir Humor viraus. Dat liicht Gefill vun "sech net wuel fillen", wat ee vis-à-vis vun dëse Maschinnen empfënnt, dréit zum Verständnes vun deene verschiddene méigleche Messagë vun de Cloaca-Maschinne bäi. En anert Element, dat besonnesch vun de Wëssenschaftler erausgehuewe gëtt, ass déii enorm Präzisioun a wëssenschaftlech Naturgetreiheet, mat där d'Cloaca-Maschinnen de mënschleche Verdauungsapparat imitéieren. Dat un sech ass pädagogesch vun engem grousse Wäert, an enger ganzer Partie Biologiesklassen konnt dëse Sujet am Casino méi no bruecht ginn.

Et kann een d'Cloaca an engem méi klassesche Konschtverständnes einfach als eng Zort 'Vanitas' interpretéieren, e Wierk, dat d'Flüchtegkeet an d'Lächerlechkeet vum mënschleche Liewe virun Ae féiert. Eng artistesch Creatioun ass ëmmer villschichteg, wéi een eleng schonn un dësen Interpretatioune gesäit.

An esouguer wann een dat Ganzt just als eng Metapher iwwert d'Konschtwelt, eis Gesellschaft an eist Liewe betruecht, ass et flott ze gesinn, mat wéivill Energie, Intelligenz, Talent an Humor de Wim Delvoye seng Cloaca hiergestallt huet, déi am Fong da 'Schäiss' produzéiert, an dat zu kriteschem Denke verleede soll.

D'Besicherzuel an der Ausstellung beweist iwwregens ganz iwwerzeegend, datt d'Leit interesséiert, esouguer faszinéiert si vun dëser Ausstellung.

**2** D'Haaptausstellung vun der Cloaca ass am Casino: de Mudam stellt nëmmen eng vun den 8 Maschinnen aus, well se net all an de Casino eragaange sinn. De Casino hat dowéinst de Mudam gefrot, fir um Projet deelzehuelen, an de Mudam huet akzeptéiert. Et ass de Casino Lëtzebuerg, deen säi Programm ausschafft, a selwer driwwer décideiert, wat gewise gëtt.

Wéi ech schonn uganks ënnerstrach hunn: Als Regierungsmember hunn ech do keen Afloss, an ech wëll och keen do hunn : ganz einfach, well an enger Demokratie d'Konscht fräi soll sinn! Dat ass e konstante Prinzip an eise westlechen Demokratien. Datt d'Konscht och emol stéiere kann, an zu Ausernanersetzunge féiere kann, dat ass grad eng Errungenschaft vun eiser Gesellschaft.

Et gi jo nach genuch Länner an der Welt, wou dat net de Fall ass, a wou d'Leit nëmmen dat ze gesi kréien, wat dem Pouvoir just passt. Déi Länner hunn net onbedéngt demokratesch Regimer: et soll een sech also keng vun der Regierung kontrolléiert Konschtwelt wënschen, oder soss muss een sech bewosst sinn, wat dat mat sech bréngt.

**3** Op Är drëtt Fro, ob de Staat déi 'Schäissmaschinn' kaaft oder nëmme gelount huet, ass d'Äntwert ganz einfach: weder dat eent, nach dat anert.

Wéi scho gesot: et ass de Casino, deen déi ganz Ausstellung organiséiert. De Casino ass e 'centre d'art' : Den Ënnerscheed tëscht engem 'centre d'art' an engem Musée ass, datt de Musée eng Sammlung huet an e 'centre d'art' keng. De Casino mécht also nëmmen temporär Ausstellungen, hie keeft näischt.

Fir eng Ausstellung ginn normalerweis keng Wierker gelount, mee vum Leihgeber ausgeléint. Do spillt natierlech d'Reputatioun vun enger Institutioun eng wichteg Roll : wat eng Institutioun méi reputéiert ass, wat se méi einfach e wichtegt Wierk geléint kritt.

Datt de Casino et fäerdeg bruecht huet, déi aacht Maschinne vum Wim Delvoye zesumme geléint ze kréien, ass schonn eng Leeschtung un sech. Dat ass och weltwäit eng Première!

Datt de Kënschtler seng aacht Maschinnen, plus seng Zeechnungen an alles, wat zu senger Konscht gehéiert, mam ganze Kapital vun senger Gesellschaft Cloaca Ltd, dem Casino zur Verfügung gestallt huet, ouni Loungeld, nach iergend e Cachet ze froen, beweist datt déi, déi vun him als engem Geldmaacher, engem kale Geschäftsmann schwätzen, net onbedéngt Recht hunn.

Mee wann een d'Saach genee hëlt, mierkt een, datt hien einfach Freed hat, dee Projet hei zu Lëtzebuerg ze realiséieren an all seng Wierker, dei him selwer ganz gehéieren, eisem Publikum gratis zur Verfügung ze stellen.

No der Ausstellung ginn seng Wierker och all zeréck a säin Atelier op Gand. Hei zu Lëtzebuerg konnten se jiddefalls fir d'éischt all zesumme gesi ginn.

**4** De Casino huet déi ganz Ausstellung organiséiert a mat sengem Ausstellungsbudget bezuelt. Do si praktesch nëmmen Transportkäschten an Installatiounskäschten ugefall, et ass jo wöi gesot kee Cachet ze bezuelen. Och d'Käschte fir d'Maschinn am Mudam, d'Super Cloaca, sinn integral vum Casino iwwerholl ginn. Dat kann och an de Finanz-Rapporten vun deenen zwou Institutiounen nogekuckt ginn.

De globale Budget fir dës Ausstellung hat de Casino beim Virbereede virun zwee Joer op 200.000 € fixéiert. Dovu soll de Casino op sengem Budget d'Halschent iwwerhuelen, déi aner Halschent ass d'Contributioun vum Kulturjoer 2007. Fir dës Zomm huet de Casino also aacht Maschinnen heihinner bruecht an ausgestallt, iwwer 200 Zeechnungen, déi een an extra dofir vun engem Lëtzebuerger Schräiner fabrizéierte Vitrinne kucke kann, an nach vill aner Saachen, déi mam Kënschtler sengem Konzept zesummenhänken. Am selwechte Budget abegraff ass och d'Publikatioun vun

engem aussergewéinleche Katalog. Dat alles ass am Casino ze gesinn an et ass derwäert.

Fir d'alldeeglech Fiddere vun deenen 3 Maschinnen am Casino suerge Restaurateure gratis mat Iwwerreschter an Offall.

Hei läit jo och en anere vun de fundamentale Gedanke vum Artist an sengem Konzept vun der Cloaca: Wann ee bedenkt, datt an enger Groussstad ewéi zum Beispill Wien, all Dag esou vill Iessen ewechgehäit gëtt, wéi eng Stad ewéi Graz brauch, fir sat ze ginn, an datt et dee Phänomen iwwerall an der entwéckelter Welt gëtt, och zu Lëtzebuerg, reegt dat zum Nodenken un. Grad e Konschtwierk ewéi Cloaca mécht dat däitlech.

Fir komplett a präzis ze sinn: de Menü, deen d'Lea Linster der grousser Maschinn extra gekacht huet fir d' « Nuit des Musées », war als « Kiischt um Kuch » geduecht an offréiert : et war just eng Eenzelportioun.

Déi bescht Aart a Weis, fir eng Ausstellung vu moderner Konscht ze verstoen an iwwer se ze diskutéieren, ass natierlech, sech se unzekucken. Den honorablen Deputéierten ass häerzlech agelueden, d'Ausstellung an de « CASINO, Forum d'Art Contemporain » kucken ze goen, fir se ze beurteelen. Mir wiere frou, Iech do begréissen ze kënnen, fir datt d'Konschtinstitutioune mat kompetente Guiden d'Hannergrënn an d'Expositioun erkläre kënnten.